PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 FEV. 2020
1873

Lëtzebuerg, den 13/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Den 13te Februar 2020 huet d'Spuerkeess an engem Communiqué matgedeelt, dass no enger interner Studie 11 Agencen am Land hier Diere fir ëmmer wäerten zoumaachen. Déi 38 Mataarbechter vun de betraffenen Agence sollen op aner Agencen opgedeelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi een Impakt wäert d'Reaffektatioun vun 36 Mataarbechter op d'Astellungspolitik vun der Spuerkeess hunn? Plangt d'Spuerkeess an Zukunft weider Mataarbechter anzestellen?

2. Wäerten déi ofgeschaafte Posten an Zukunft ersat ginn?
   - Falls jo a wéi enge Beräicher a wäerten d'Mataarbechter Ëmschoulungen ugebuede kréien?
   - Falls nee, ginn déi 36 Posten an Zukunft nach reduzéiert (zum Beispill duerch net ersaten Departen an d'Pensioun?)

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 FEV. 2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 830xa27af

Luxembourg, le 19 février 2020

Concerne : Question parlementaire n°1873 du 13 février 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le personnel de la BCEE

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Pour le Ministre des Finances,

Bob KIEFFER
Directeur du Trésor

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000003-20040525-FR

Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Fro N°1873 vum 13. Februar 2020 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement betreffend d'Personal vun der BCEE

Sou wéi d'Spuerkeess dat an hirem Communiqué vum 12te Februar 2020 präziséiert huet, ginn all déi betraffe Mataarbechter op aner Agencen oder Servicer vun der Bank reaffektéiert. Et ginn also keng Posten ofgebaut.

D'Spuerkeess wäert och weiderhin nei Mataarbechter astellen.

Oppe Plazen kann een hei consultéieren : https://www.mylittlebigstep.lu/